



PROVELO *Info*

Nr. 124 04/2021

COP 26 RESOLUTION BESCHLEÏST BIS 2040
100% NULL EMISSION AUTOEN





NATURATA

Fair a kooperativ mat de Bio-Bauern

Bio
Marché

1 Rollingergrund

- ✓ Bio Marché
- ✓ Bio Boucherie

2 Merl

- ✓ Bio Marché
- ✓ Bio Boucherie

3 Munsbach

- ✓ Bio Marché
 - ✓ Bio Boucherie
 - ✓ Restaurant & Catering
 - ✓ beauty & culture
- Naturkosmetik, Geschenkartikel,
Bücher, Haushaltswaren etc.

4 Erpeldange

- ✓ Bio Marché

5 Marnach

- ✓ Bio Marché

6 Dudelange

- ✓ Bio Marché

7 Esch-Belval

- ✓ Bio Marché

8 Rollingen (Mersch)

- ✓ Bio Haff Buttek

9 Windhof

- ✓ Bio Haff Buttek

10 Howald

- ✓ Bio Marché
- ✓ Bio Boucherie

11 Altrier/op der Schanz

- ✓ Bio Haff Buttek

*Goûtez le bio,
goûtez la vie!*



Äre Spezialist fir Bio- an Demeter-Liewesmëttel

www.naturata.lu

Cop 26 - Das Fahrrad auf der Weltklimakonferenz

Die Begrenzung der Erderwärmung auf 1,5 Grad Celsius war das große Ziel der Klimakonferenz, die vom 31. Oktober bis zum 12. November in Glasgow stattgefunden hat. Die desaströsen meteorologischen Folgen des Klimawandels zeigten sich jüngstens auch in Luxemburg und vielen anderen Teilen Europas. Unsere Mobilitätsformen, die maßgeblich zu den weltweit hohen CO2 Emissionen beitragen, müssen also in Frage gestellt werden.

Henk Swarttouw, Präsident der European Cycling Federation, war in Glasgow vor Ort und äußerte sich folgendermaßen:

„Um CO2 Emissionen massiv und rapide zu reduzieren müssen sich die EU und andere Länder der Welt dazu bereit erklären, das Radfahren noch stärker zu fördern. (...) Das Fahrrad ist eine der besten Lösungen unseren Planeten zu retten, die uns heute schon zur Verfügung stehen.“ Er nennt dabei auch eine rezente Studie, laut welcher Radfahrer täglich 84 % weniger CO2 ausstoßen als Personen, die nicht auf das Rad zurückgreifen.

Nicht nur er, sondern auch immer mehr junge Menschen forderten die Regierungen der großen Industrienationen auf, die nötigen gesetzlichen Maßstäbe zu setzen um die Überschreitung des „Point of no

Return“ zu verhindern. Wie sehr dieses Thema jungen Menschen am Herzen liegt, zeigt sich in der gemeinsamen Aktion von Youth4Planet und dem Ettelbrücker Lyzeum. Sie sind mit ihren „Creativelos“ durch ganz Europa bis zur Klimakonferenz geradelt und haben unterwegs bewegende Augenzeugenberichte gesammelt. Ein Interview über ihre Erfahrungen finden Sie auf den Seiten 6 bis 8.

Es ist unserer Ansicht nach daher sehr bedauerlich, dass das E-Auto auf der COP als großer Retter präsentiert wurde, während die Rolle des Fahrrads nur nebensächlich thematisiert wurde. Anwesende berichteten sogar, die Konferenz sei nur sehr schwer per Fahrrad zu erreichen gewesen. Insgesamt sind die finalen Beschlüsse der COP26 laut vielen Klimaexperten nur wenig ambitionös.

Gerade deswegen bleibt es wichtig, sich zugunsten der künftigen Generationen auf lokaler und nationaler Ebene für nachhaltigere politische Rahmenbedingungen einzusetzen. Angesichts der Herausforderungen der Klimakrise, sowie der Lösungsansätze, die das Fahrrad bietet, fordert ProVelo die luxemburgischen Verantwortlichen auf, diesen Paradigmenwechsel unverzüglich anzugehen.






Visit 
Guttland

**ENTDECKEN SIE DIE GUTTLAND
REGION MIT DEM RAD**

**DÉCOUVREZ LA RÉGION
GUTTLAND À VÉLO**



Neben den zahlreichen, gut befahrbaren nationalen Radwegen, bieten Ihnen sowohl die thematischen Wege, als auch die Mountainbike-Routen Action und Fahrspaß!



En plus des nombreuses pistes cyclables nationales, des pistes thématiques ainsi que les itinéraires VTT vous offrent action et plaisir sur le vélo !



*> 130 km
Fahrradwege/
pistes cyclables*

**Office Régional du Tourisme
Centre/Ouest**

+352 28 22 78 62
info@visitguttland.lu

visitguttland.lu



Sommaire / Inhalt

Editorial	3
Earthbeat Cop Tour -	
Interview mam Ettelbrécker Lycée	6
LEADER Projekt "Regionales	
Fahrradkonzept für die Region Müllerthal"	10
ProVelo Assemblée Générale 2022	10
Restrospect Vélosommer 2021	12
Velhome: Parking vélo entre particuliers	13
Entrevues avec la police Grand-ducale	14
Bilan de notre "campagne éclairage"	16
Milans new Bike Plan	18
Nationales : Good News	19
Eng schéin Aktioun	19
Safe Crossing Project Luxembourg	20
Podcast: La guerre des modes	20
Bilan vun europäesche Verkéiersaffer 2019	24
Un nouveau plan d'action cycliste en Belgique	24
Mobilitéitsplang fir muer -	
Gedanken zum Fragebogen	25



Rendez-vous / Termine

28/01 Assemblée Générale ProVelo

Titelsäit: Vélo op der COP 26 (Karikatur © Carlo Schneider)

Earthbeat Cop Tour - Interview mam Ettelbrécker Lycée

„Creativëlo“ – esou heeschen d'Dräirieder déi op Initiativ vun der Associatioun Youth4planet an Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Environnement produzéiert gi sinn. Dës Vëloer si mat zwee grouss Solarpanels um Daach equipéiert, mat deenen net nëmmen de Vëlo selwer mee och en 17 Zoll Bildschierm ugedriwwen gëtt. D'Ziel vun de Vëloen ass et ënnerwee Temoignagen a Geschichten ze sammelen an en mobillen, multimedialen Austauschpunkt ze hunn bei deem een de Leit op ëffentleche Platzen, Schoulen, Foiren an aneren Evenementer nohaltend Theme méi no ka bréngen. Déi éischt Rees haten d'Vëloen op der „Earthbeat Cop Tour“, bei där jonk Fräiwëlleger mat de Creativëlos vu Lëtzebuerg bis op Glasgow gefuer. Op dëser Rees waren ënner anerem och Schüler*innen+Proffen aus dem Lycée Technique vun Ettelbréck dobäi. Iwwert hier Erfarungen ënnerwee hunn si eis an engem Austausch erzielt, deen de 6. Dezember stattfonnt huet.

Wéi sidd dir op d'Iddi komm, fir iech un deem Wee mam Vëlo op Glasgow ze bedeelegen ?

D'Iddi koum net vun eiser Säit, mee war eng Kooperatioun tëschent dem Ëmweltministère an der Associatioun



Photos : Lycée Technique d'Ettelbrück

„Youth4Planet“, déi eis iwwer e puer Kontakter gefrot hu fir do matzemaachen. Souwuel d'Schüler wéi och d'Proffen hunn d'Iddi zimmlech cool fonnt, dofir hu mer zougesot. Eist Ziel war et drop opmierksam ze maachen, dass ee wäit Distanzen net nëmme mam Auto a Flieger ka maachen, mee och mam Vëlo ze packe sinn. E puer vun eise Klassekomeroden hu guer net gegleeft dass dat méiglech wier. Réckbléckend war et eng super Erfahrung well mir hunn eis beweegt, mir waren aus dem Klasesall eraus a waren am Ausland. An mir hu vill gesinn ënnerwee an och vill Kontakter gemaach.

U wéi engen Etappe vum Wee hutt dir dann deel geholl ?

Eis Section "sciences environnementales" ass déi éischt zwee Deeg vun Ëlwen aus op Maastricht a vun do aus op Eindhoven gefuer. Dunn huet d'2TPE d'Relève geholl an ass vun do aus iwwer Antwerpen op Bréissel gefuer. Eisen Tour huet also am ganze 4 Deeg gedauert. Ab do hu mir de Creativëlo ofginn un d'Leit vun Youth4Planet, déi en bis op Glasgow bruet hunn. De Semion (Schüler vun der 2e Science Envir.) ass dono nach per Bus op Glasgow gefuer fir d'Equipe vu Youth4Planet dohannen ze verstärken.



Wéi hutt dir iech op déi Rees virbereet an iech organiséiert ?

Proffen : Fir de Kontext, op der Section environnementale hunn d'Schüler 3 Stonnen d'Woch Projetsaarbecht. E puer vun hinnen hunn sech dëst Joer de Vëlo als Sujet erausgesicht, an dat huet du perfekt zesumme gepasst. Mir Profen vun der Sektoun hunn d'Grondkonzept vum Projet zesumme gestallt, mee de Groussdeel vun der Organisatioun de Schüler iwwerlooss.

Schüler : Mir hu fir den Deel, deen eis Schoul matgefuer ass d'Streck geplangt, wat scho relativ schwierig war well net iwwerall Vëlosweeër do waren. Mir hunn och zousätzlech Vëloen organiséiert fir dass net nëmmen déi Persoun um Creativelo eleng ënnerwee wär. Mir missten och d'Camionnette virbereeden déi mat ënnerwee war, a sécher goen, dass fir lessen, Gedrénks an éischt Hëllef gesuergt ass.

Kënnst dir eis e bëssen erzielen, wat dir ënnerwee erlieft hutt?

Mir als Lycée hatten ee vun den zwee Creativeloen, also Dräirieder, an hunn eis ënnereneen ofgewiesst wien domat gefuer ass. Den zweeten Vëlo ass vun de Leit vun Youth4Planet gefuer ginn. Fir Offroad ass de Vëlo leider net esou top – mir sinn och vun Zäit zu Zäit an den Gruef geflunn. Eng Kéier war den Akku vum Dreiradvëlo platt, an dunn hu mir déi schwéier Këscht awer missen de Bierg eropkréien - och hannen hunn do Leit missten matdrécken. D'Wieder war och net ëmmer top, déi éischt zwee Deeg huet et riicht era gereent, dat bei 7-8 Grad. Mee dat gehéiert dozou, an soss war awer alles gutt gaangen a mir sinn frou ze soen, dass kee sech verletzt huet. Meeschtens hu mir probéiert Vëlosweeër a Feldweeër ze huelen, mee deelweis si mer och normal Strooss gefuer.

Zu Lëtzebuerg hate mer am Norden net grad sou vill Vëlospisten fonnt déi sech géngen ubidden, mee ab der Belsch / Däitschland si mer dunn iwwer d'Vennbahn gefuer, an du bal nëmme méi iwwer national oder regional Vëlosweeër. Et war och flott, dass mer allgemeng keng negativ Experienz mam motoriséierten Traffic haaten.

Wéi eng Interaktiounen hat dir mat de Leit mat deenen der op der Platz geschwat hutt?

Eng flott Experienz haate mer zu Antwerpen, wou mir an enger International School empfaange gi sinn. D'Schüler do ware mega intresséiert um Projet – de Creativelo hate mer baussen am Haff opgeriicht, an et ass en Sammelpunkt fir d'Schüler ginn, déi sech ronderëm gestallt hu während mir hinnen eis Videoen um Bildschirm gewisen hunn an eis mat hinnen iwwer Klimawandel a Vëlofueren ausgetosch hunn. Virun allem hu mir si gefrot, wat si de Politiker op der Cop géinge soen, wann si kéinten dohi goen.

Un de Semion : Wéi war d'Stëmmung zu Glasgow selwer ? Wat hutt dir dohannen fir Aktiounen gemaach ?

Als éischt hu mir lokal d'Meenung vun de Leit nach eng Kéier probéiert opzegräifen. Virun der Konferenz hu mir all eist Material an eis Temoignagen wéi eng Form „alternativ Medien“ de Leit presentéiert. Domat haate mer relativ vill Undrang kritt.



D'Iddi war et, d'Meenung vun den normalen Leit ënnerwee matzehuelen an ze weisen. Déi fannen am Verglach zu politeschen Acteuren oder Aktivisten am Sujet Klimawandel neemlech net ëmmer vill Gehéier.

Op der Cop ass de Vëlo an de Resolutiounen jo net grouss ervirgehuewe ginn, am Verglach z.B. zum Elektroauto. Wat denkt dir doriwwer ?

Leider gesi mir den Elektroauto net als eenzeg Léisung fir de Mobilitéitsproblem an de Grëff ze kréien. D'Emissiounen sinn eng Saach, mee hei am Land ännert den E-Auto näischt um Problem vum Stau an vum Kaméidi. Mir fannen, dass et einfach ze vill Autoen am ëffentleche Raum ginn. Dat mierkt een an der Stad Lëtzebuerg, mee och hei zu Ettelbréck während dem Beruffstrafic. Eng rezent Etude aus Däitschland seet, dass 60 % vun de Betrëbsautoen méi wéi 200 Pärde hunn. Dat fanne mer hefteg a froen eis, wisou dat néideg ass. Mir hätten eis also scho gewünscht, dass zu Glasgow méi fir de Vëlo geschitt.

Wat hutt dir vum Tour matgeholl wat ärer Meenung no hei zu Lëtzebuerg nach feelt?

(Mix Äntwerte vu Proffen a Schüler) : Eis ass virun allem opgefall, wéi vill Vëloen deelweis virun de flamäneschen an hollännesche Schoule stinn. Dat waren a verschiddene Groussstied deelweis e puer 100 pro Schoul. Da kënnt dobäi, dass mir ab Eindhoven quasi nëmmen nach Vëloswee gefuer sinn –dat ass schonn impressionant, wéi gutt d'Ubannung do am Verglach zu Lëtzebuerg ass. Eis Vëlosweeër sinn zwar schéin, awer net onbedéngt praktesch fir den Alldagstrafic. De Fokus misst nach vill méi um Ausbau vun der aktiver Mobilitéit leien. Da baut een och net nëmmen nei Weeër, mee et mécht een eng ganz aner Gestaltung vu Stied. Et huet een z.B. vill manner Kaméidi. D'Stied

gi méi attraktiv a liewenswäert. Dat géing Lëtzebuerg och méi intressant maache fir Touristen, an eise Betriber / Hoteller / Restauranten eppes bréngen. De Vëlo ass vill méi wéi nëmme vun A op B kommen oder Sport maachen. Bei eis feelt et leider awer un Infrastruktur, an virun allem dat hu mir ënnerwee gemierkt. Et muss en Mentalitéitswandel bei eis alleguer hei zu Lëtzebuerg kommen. Virun allem géinge mir eis wënschen, dass esou Visiounen och am Kader vun der Nordstadfusioun géingen ëmgesat ginn.

Kënnt dir eis ofschléissend nach e bëssen erzielen, wéi äre Vëlosprojet hei an der Schoul soll weider evolüieren ?

Mir wëllen elo mol bei eis Ëmfroen maache fir erauszefannen op d'Leit bereet wieren mam Vëlo an d'Schoul ze kommen – an wann net, dann firwat. Dann wëlle mer kucken wat vun Infrastruktur an der Schoul misst ännere fir dass méi Leit wëlte kommen, an och analyséiere wat fir eng Infrastrukturen an Ettelbréck selwer feelen. Dat ganz soll Hand an Hand goen mat enger Campagne, bei där mer d'Leit motivéiere wëllen op de Vëlo ze klammen, an hinnen weise wéi eng Méiglechkeeten et gi fir Vëlo an Transport public ze kombinéieren. An dann wëlle mer am Summer 2022 en groussen Opruff an der Schoul maache fir richteg vill Leit motivéiert ze kréien um „Mam Vëlo op d'Schaff“ deelzehuelen.



ACL - NOUS GARANTISSONS VOTRE MOBILITÉ



ACL



25€/an

L'ACL BIKE ASSISTANCE

L'ASSISTANCE ROUTIÈRE ACL 24/7 POUR VÉLOS ET VÉLOS ÉLECTRIQUES

ASSISTANCE | CONSEILS ET EXPERTISE | SERVICES MOBILITÉ | VOYAGES ET LOISIRS

Vous vous déplacez essentiellement à vélo, électrique ou classique et vous n'êtes pas encore membre de l'ACL ?

La formule d'adhésion au Club, ACL Bike Assistance, est ce qu'il vous faut. Bénéficiez de l'assistance routière 24/7 exclusivement pour vélos et vélos électriques, et ce pour seulement 25 € par an.

Nos mécaniciens sont formés pour réparer les vélos classiques et, grâce à nos véhicules d'intervention équipés d'une borne de recharge mobile, la batterie de votre vélo électrique peut être rechargée sur place. Ainsi votre mobilité est rétablie au plus vite.

Si vous êtes déjà membre de l'ACL, sachez que vous bénéficiez d'une assistance routière multimodale 24/7, non seulement pour votre voiture ou moto, mais également en cas de panne de vélo ou vélo électrique.

Pour plus d'informations, rendez-vous sur www.acl.lu/bike ou contactez-nous par téléphone au 45 00 45 - 1



www.acl.lu

LEADER Projekt “Regionales Fahrradkonzept für die Region Müllerthal”

Seit ungefähr einem Jahr arbeitet ProVelo ein Fahrradkonzept für die LEADER Region Müllerthal aus. Ziel des Konzeptes ist ein regionales Fahrradwegenetz zu schaffen, welches die einzelnen Gemeinden untereinander verbindet. Zudem sollen die bereits bestehenden kommunalen Radwege an das nationale Radwegenetz angebunden werden. Die Befahrungen wurden zwischen Oktober 2020 und Oktober 2021 von ProVelo durchgeführt, so dass erste Ergebnisse im November den Vertretern der 14 Gemeinden präsentiert werden konnten. In vier verschiedenen Abendveranstaltungen wurde die Analyse

und erste Vorschläge für mögliche Fahrradverbindungen vorgestellt und diskutiert. In diesen Versammlungen wurden prioritär die Verbindungen zwischen den einzelnen Gemeinden behandelt. Daher wurden die Termine mit jeweils benachbarten Gemeinden und ihren Syndicats durchgeführt.

Aus den verschiedenen Terminen konnten durch Rückmeldungen aus dem Publikum wichtige Erkenntnisse gesammelt werden, die in die weitere Ausarbeitung des Konzeptes mit einfließen werden. Das LEADER-Projekt soll im Sommer nächsten Jahres abgeschlossen werden.



ProVelo Assemblée Générale 2022

De Freideg, 28. Januar 2022 wäert ProVelo seng Assemblée Générale am Oekozynter Paafendall oofhalen. Mier freeën eis driwwer, op deem Dag de Christophe Najdovski, fréiere President vun der ECF an aktuell stellvertredende Buergermeeschter vun der Stad Paräis als Gaaschtriedner kënnen ze begrëissen. Méi Informatiounen kommen geschwënn.

Friday, January 28th 2022, ProVelo will host its general assembly at the Oekozynter in Pfaffenthal. We're very happy to welcome Christophe Najdovski, former president of the ECF and current deputy mayor to Anne Hidalgo in Paris, as guest speaker for that day. More information will follow soon.

ZESUMMEN ËNNERWEE

10 Tipps fir e respektvollen Ëmgang tëschent Vëlosfuerer a Foussgänger



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics



1. Lénks zu Fouss, riets mam Vëlo: Foussgänger sollen sech op der lénker Säit vum Wee halen. Vëlosfuerer sollen sech op der rietser Säit vum Wee halen.

2. Vitesse upassen: Et ass wichteg zu all Moment op ënnerschiddlech Situatiounen reagéieren ze kënnen an ëmmer d'Kontroll iwwer de Vëlo ze behalen.

3. Ofstand suergt fir Sécherheet: Vëlosfuerer solle beim Iwwerhuele genuch Ofstand zu Foussgänger an anere Vëlosfuerer halen. Foussgänger sollen de Vëlosfuerer och genuch Plaz loosse fir laanscht ze fueren.

4. Schelle virum Iwwerhuelen: Duerch d'Schelle soll de Vëlosfuerer de Foussgänger mat genuch Distanz op sech opmierksam maachen. Esou erschreckt de Foussgänger net, wann de Vëlo vun hanne kënnt.

5. Bléckkontakt: Bléckkontakt zu sengem Géigeniwwer schafft Vertrauen a Sécherheet. Duerch de Bléckkontakt kann ee sécher sinn, dass ee vu sengem Géigeniwwer gesi gëtt.

6. Moien a Merci: Fir e respektvollt Mateneen dinn e "Moien" an e "Merci" ëmmer gutt.

7. Richtungswiessel ukënnegen: Richtungswiessel vum Vëlosfuerer solle mat entsprechenden Handzeechen ugekënnegt ginn. Duerch kloer Zeechensprooch weist de Vëlosfuerer de Foussgänger an anere Vëlosfuerer wat e maache wëll.

8. Haart Musek an Handy vermeiden: Am Verkéier ass et wichteg op säin Ëmfeld opzepassen. Dofir soll ee vermeiden ze oft op den Handy ze kucken oder haart Musek ze lauschteren.

9. Den Hond un d'Léngt: Net jidderee weess wéi en Hond reagéiert an en Hond un der kuerzer Léngt gëtt jidderengem méi Sécherheet.

10. D'Ëmwelt respektéieren: Vëlosfuerer a Foussgänger sollen näischt an d'Natur geheien.

Retrospect "Vëlosummer" 2021

On October 13th, the minister of transport and public works François Bausch, and the minister of tourism Lex Delles presented the results of this year's edition of the Vëlosummer. In total, 19.867 bicycles were counted, which is less than half of last year's very remarkable 40.000.


On one hand, the organisers attributed the dwindling interest this year to the cold and wet weather during the month of August – in fact, the average temperature was 5 degrees less than in 2020, while the quantity of rain (60l/m2) was more than double that of last year. On the other hand, we as ProVelo are of the opinion that these numbers must also be regarded in the context of some of the planning factors of this year's edition.

While it is true that this year had 12 routes in total compared to last year's 6 routes, as well as more kilometres in the grand scope of things, most of these routes

were only closed off for one or two weekends and thus not permanently useable. This was for example the case for the Mamerdall Tour. Some of last year's most attractive routes were not closed off at all this year, as was the case for the "Vëloexpresswee Luxembourg-Belval", which was undoubtedly used by many commuters in August 2020.

Thus, it seemed to us like this edition of the Vëlosummer was less about proposing cyclists a permanent commuting alternative throughout all of August but more oriented towards boosting tourism activity in the different regions on certain weekends. Of course, bad weather conditions on some weekends only further contributed to the loss of interest in trying out these very temporary routes, which is regrettable. We hope that for the 2022 edition, more communes will find the political will to close off certain road section for the period of a whole month.

Vëlosummer 2021 – Synthèse finale



Graphique : MMTP et Ministère du tourisme

Velhome: Parking vélo sécurisé entre particuliers

De Vol vu Vëloen ass och zu Lëtzebuerg leider nach ëmmer e ganzt aktuell Thema. De Fait, datt vill Leit keng sécher Ofstellméiglechkeete fir hire Vëlo hunn, mécht d'Situatioun natierlech net méi einfach. A ville Stied feelt et de Leit u privaten Ofstellméiglechkeeten an och öffentlich Vëlosparking si rar gesinn.

Zwee jonk Fransousen hunn am Summer 2021 d'Plattform "Velhome" gegrënnt, déi et Vëlofuerer soll erméigleche bei Gläichgesénnten hire Vëlo fir kuerz oder laang Zäit sécher kënnen ofstellen. D'Konzept baséiert op der Solidaritéit tëscht de Vëlofuerer an ass bis elo zum Groussdeel och gratis. Dee jeenegen, deen eng Plaz am Keller, an der Garage, am Schapp fräi huet ka sech op der Plattform mellen a sech mat e puer Informatiounen, déi fir de "Locataire" vu Notze kënnen sinn,

andreen. Och fir Vëlostouriste kann dës Zort vun Offer ganz interessant sinn. De Site hat e gewësse Succès a Frankräich, sou datt ee méttlerweil och an der Belsch ka vun dëser Offer profitieren.



<https://www.gracq.org/actualites-du-velo/velhome-le-parking-velo-securise-entre-particuliers>



RESTAURANT BIOLOGIQUE SALON DE THE



3, rue de Bonnevoie L-1260 Luxembourg

Tel.: +352 26196182

www.casafabiana.lu

ouvert du lundi au vendredi de 10.00 à 17.00 h

samedi de 10.00 à 16.00 h

le vendredi soir à partir de 19.00 h

**les autres soirs sur réservation
à partir de 12 personnes**

service traiteur sur demande



Entrevues avec les responsables de la police Grand-Ducale

Mercredi, le 27 octobre et lundi, le 22 novembre 2021, ProVelo a eu des entrevues avec les responsables de la Police Grand-Ducale. La première avec le Ministre de la Police Henri Kox, la deuxième avec le service national de circulation et de sécurité routières de la police, représenté par Monsieur André Schaack.

Pendant ces réunions, nous nous sommes échangés pour faire le bilan de la campagne commune « Sécher Ënnerwee » de l'avril de cette année. Le but de celle-ci était la sensibilisation pour la sécurité des cyclistes au quotidien, et de discuter ensemble les objectifs d'une campagne pour l'année 2022. Il était important pour nous de souligner que lors d'une action future, ProVelo souhaiterait une campagne qui s'oriente vers une responsabilisation de tous les usagers de la route, dont surtout le comportement du trafic motorisé.

Dans ce contexte, le respect du dépassement des 1,50 mètres nous semble un aspect primordial à relever.

Pendant notre réunion avec le Ministre de la Police, celui-ci partageait notre opinion sur l'importance de cette distance de dépassement et se positionnait favorablement concernant une campagne avec un point focal sur ce sujet.

Lors de notre entrevue avec Monsieur Schaack, la campagne pour 2022 était thématisée plus en détail. Lui et Monsieur Frank Stoltz, directeur de communication de la Police Grand-ducale, ont également souligné leur volonté de participer à une campagne de sensibilisation autour de ce sujet dans les médias sociaux. Ils ont d'ailleurs aussi souligné qu'on manque toujours les outils nécessaires pour effectuer un contrôle efficace à ce niveau, citant par exemple que les preuves vidéo

ne peuvent être utilisées à des fins juridiques vu la protection des données personnelles des automobilistes.

Pendant les deux réunions, nous avons également eu la chance de partager nos vues sur des sujets comme des équipes policières sur cycles, le respect des 30 km/h dans les agglomérations et le contrôle du trafic motorisé au sein des zones piétonnes.

En tout, nous sommes ravis des échanges productifs qui nous ont également donné des impressions sur les contraintes que les agents de police rencontrent régulièrement sur le terrain. Nous aimerions donc remercier le ministère ainsi que le service de la sécurité routière de la police de nous avoir accueillis et de participer une fois de plus sur une campagne commune qui nous tient tous à cœur.



Campagnes écossaise et canadienne

VELO^o SPORT LENTER



ENTRETIEN ET
REPARATIONS

www.vsc.lu

19, rue de Bonnevoie
(à 50m du Parking Neipperg)
L-1260 Luxembourg
Tel: +352 48 02 02



 **SCOTT**

 **URBAN
ARROW**

BROMPTON

VELO^oVILLE

RIESE & MÜLLER

Bilan de notre action «Campagne éclairage» du 9 novembre

Mardi, 9 novembre 2021, ProVelo a de nouveau lancé son action annuelle d'éclairage au Rond-Point Schuman. Dans le cadre de cette campagne qui a eu son début en 2012 ProVelo a réalisé, au fil des années, plus de 650 contrôles de vélos.

Le but de l'action est de rappeler aux cyclistes les dangers auxquels ils s'exposent sans éclairage approprié, particulièrement lors des saisons automnales et hivernales quand les jours se raccourcissent. En effet, les cyclistes tendent à surestimer leur visibilité par rapport aux autres usagers de la route. ProVelo tient à rappeler que l'équipement correct du vélo consiste, selon le code de la route, de réflecteurs blancs/jaunes dans les roues et sur les pédales, d'un réflecteur rouge arrière, d'un feu arrière rouge et d'un feu avant blanc/jaune ainsi que d'une sonnette. En outre, le port de gadgets ou vêtements clairs et réfléchissants peut encore améliorer la visibilité des cyclistes. Lors de l'action, les cyclistes passants pouvaient donc faire contrôler leur visibilité et l'équipement des lumières de leur vélo par nos collaborateurs et bénévoles sur place. Le bilan de la campagne éclairage de 2021 est le suivant :

- 72 vélos ont été contrôlés en total
- 49% étaient équipés de façon complète en ce qui concerne l'éclairage prévu par le code de la route
- 37% manquaient des réflecteurs
- 13% manquaient des lumières et des réflecteurs
- 1% manquait des lumières mais avait des réflecteurs

ProVelo a également noté que 19% des vélos contrôlés n'étaient pas équipés d'une sonnette.

Pour comparaison, lors du contrôle de novembre 2019, 92 vélos avaient été contrôlés, dont 54% disposaient d'un équipement complet.

ProVelo a cette année également fait le comptage de tous les véhicules sur deux roues qui passaient par notre stand. Il s'agissait de 123 véhicules en total, dont des vélos ordinaires, des Pedelects, des Vel'ohs ainsi que des trottinettes.

Nous voudrions remercier nos partenaires de la Croix-Rouge qui étaient sur place pour distribuer des gilets réflecteurs dans le cadre de leur action « Sécher duerch all Verkéier » ainsi que le Vêlo Sport Center qui aidaient les gens à se munir des pièces manquantes pour l'équipement de leur vélo. Un grand Merci également au Ministère du Transport qui nous a fait parvenir des réflecteurs et autres gadgets distribués aux cyclistes.



Nos bénévoles contrôlant les lumières des vélos

LUXEMBOURG BY CYCLE 2021



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration du cadastre
et de la topographie

Set de 2 cartes du réseau cyclable 1:50.000

avec légende trilingue (FR, EN, DE)

Disponible dans les librairies et chez ProVelo.lu a.s.b.l.
pour **10 euros** (frais d'envoi non inclus)

www.provelo.lu

Good Practice – Milan's new Bike plan “Cambio”

The city officials of Milan just recently voted on the implementation of a holistic Bike plan named “Cambio” which will cost around 225 million euros.

In order to promote an effective mobility, the new plan includes the combination of multiple types of cycling lanes. On the one hand, 16 radial cycling paths will lead from the city districts towards the city center. On the other hand, 4 circular and transversal paths will connect the different city districts between each other. In addition to this, the 4 “greenways” propose alternative routes outside of the city center.

This efficient network of nearly 750 km in total ensures that all cyclists can employ a safe route to get to their destination of choice.

All of this goes hand in hand with the reorganization of public places and urban centers, such as the reorganization of “Piazza Aperte”.

Information and plan : www.bikeitalia.it

One main objective of the planners was ensuring connectivity: Nearly 86% of the people living in the area, 79% of the high schools, 83% of the railway stations and 74% of the health facilities will be within at least 1KM of Cambio lines. Thus, the city of Milan is confident that with the new cycling plan, 20% of all trips to be made by bike in the future. The project is estimated to be completed sometime by

Cambio

La rete di corridoi ciclabili della CMM





velosophie.lu

|Für die dunklere Jahreszeit|
|machen Sie sich sichtbar|
|Reflektoren | Jacken | Rückstrahler | Marke Wowow|

| pour la saison hivernale |soyez visible |
|les produits réfléchissants de la marque Wowow en vente chez nous|

velosophie s.à.r.l (tel: 26200132)
15, rue St Ulrich, L-2651 Luxembourg-Grund

magasin ouvert du mercredi au vendredi de 13h00 - 18h30
le samedi de 11h00 à 17h00 et sur rendez-vous

Nationales - Good News

- Zu Fenteng sinn virun e puer Wochen verschidde Stroossen, déi duerch Deeler vum Duerf fueren an Deel vun der PC1 sinn, zu „Rues cyclables“ mat Tempo 30 Zonen ëmgewandelt ginn – dëst ass de Fall ënner anerem fir d'Rue Pierre Weydert, d'Rue Nicolas Mersch an d'Rue Armand Rausch. An dës Stroossen hunn d'Vëlofuerer also ab elo Prioritéit, an dierfen net méi vum motoriséierte Verkéier iwwerholl ginn. Flott ass d'Markéierung, déi op all Kräizung un des nei Prioritéit erënnert.



- D'Aarbeschten un der PC15 um ale Site vun der Arcelormittal si säit Ufank September amgaangen. Dësen Deel wäert d'Verbinding vum Uelzechtall mat der Stad Lëtzebuerg méi sécher maachen, well Cyslisten net méi iwwert d'CR233 tëschent der russescher Ambassade an Dummeldeng mussen fueren. D'Streck wäert viraussiichtlech Ufank 2022 kënnen ageweit ginn.



Rue cyclable zu Fenteng // Plang vun der PC15 zu Dommeldeng (travaux.public.lu)

Sensibiliséierungskampagne “Déi schéin Aktioun”

Säit Ënn November leeft eng nei Sensibiliséierungskampagne vum MMTP an der Sécurité routière déi an 7 Videoe mam Titel “déi schéin Aktioun” d'Usagerë vun der Strooss, mam Fokus op d'Autofuerer, soll fir dat richtig Verhale sensibiliséieren. Am beschte léisst sech dës Kampagne aus Siicht vum “Usager vulnérable” leider als “onglécklech” resuméieren. Och wann esou eng Kampagne per se näischt Schlechtes muss sinn, léisst sech de Käschten-Notze Facteur dovun ouni konkret Zuelen schwéier aschätzen.

Opfälleg dobäi ass awer virun allem datt op eng positiv Kommunikatioun zeréck gegräff gëtt fir de Message un d'Autofuerer erun ze droen an an alle 6 Videoe mat Autofuerer dës alles richtig maachen an dofir iwwert

de grénge Kléi gelueft ginn. Opfälleg ass och datt an 2 vun deene 4 Videoen wou Foussgänger oder Vëlofuerer virkommen dës onopmierksam sinn (de Foussgänger deen op den Handy kuckt) respektiv als Hindernis duergestallt ginn (“e Vëlofuerer hält en [den SUV n.d.l.r.] dovun of weider ze fueren”).

Do muss een sech dann d'Fro stellen ob dës Kampagne hiert Zil kann areeche fir dem Autofuerer dat richtig Verhale virzeliewen, oder ob et net riskéiert drop eraus ze lafen datt d'Autofuerer sech dono nach méi dora bestätegt fillen datt si souwiso ëmmer alles richtig maachen an déi aktiv Mobilitéit de Problem am Verkéier a beim Respekt vun de Reegelen duerstellt.

Safe Crossing Project Luxembourg

L'initiative « Centre pour justice urbaine » (ou « ZUG ») a effectué pendant les derniers mois une analyse de la sécurité piétonnière au sein de la Ville de Luxembourg. Un critère sur lequel les activistes se sont basés concernait la visibilité des piétons en croisant les rues. L'élément majeur qui a été remarqué négativement à de nombreux endroits est la distance entre les voitures garées et les passages piétons. Selon le code de la route, un voiturier doit respecter une distance minimale de 5 mètres face aux passages piétons pour garantir la visibilité à temps des piétons par le trafic. D'ailleurs, bon nombre d'emplacements de parking au sein de la VDL ne respectent

pas cette distance. Un total de 475 sur 1787 passages seraient donc, selon l'initiative ZUG, à classer dans la catégorie « dangereuse ».

Pour illustrer leurs revendications, le ZUG vient de publier les passages les plus dangereux sous forme d'un calendrier de l'Avent interactif en ligne consultable sous le lien suivant: <https://zug.lu/safe-crossing/advent.php>

Nous complimentons les responsables pour cette action engagée et appelons aux responsables de la Ville de Luxembourg d'incorporer les mesures nécessaires pour garantir la sécurité de la mobilité active.



Fotoen aus dem Adventskalender vum "Zentrum fir urban Gerechtegkeet"

Podcast "La guerre des modes" du Gracq

Le GRACQ a publié une série de podcasts qui analyse le sujet de l'agressivité sur la route intitulée "La guerre des modes". Les 4 épisodes tournent autour du sujet de la cohabitation entre les usagers de la route.

À ce but, les organisateurs ont parlé à des urbanistes, la police mais aussi des sociopsychologues pour creuser dans ce qui émeuve la mentalité des gens en se promenant et en conduisant. Le premier épisode, intitulé de façon provocante "Un bon cycliste est un cycliste mort" essaye de déceler pourquoi des sentiments

de haine en relation avec les modes de transport font de plus en plus surface dans les commentaires de l'actualité en ligne. L'entièreté des épisodes peut être écouté sur youtube et spotify.



© www.gracq.org

Joint statement released by the ECF and 250 other associations at COP26

World leaders must commit to boosting cycling levels to reduce carbon emissions and reach global climate goals quickly and effectively.

The world needs much more cycling if we are to combat climate change. Without quicker and more determined action by governments worldwide to cut transport carbon emissions, we will be dooming present and future generations to a world that is more hostile and much less inhabitable.

This is why we, the undersigned 350 organisations, strongly appeal to all governments and leaders attending the 26th United Nations Climate Change Conference (COP26) in Glasgow to commit to significantly increasing the number of people who cycle in their countries. Governments can do this by building more high-quality cycling infrastructure, integrating cycling with public transport, improving road safety and implementing policies that encourage people and businesses to replace automobile trips with bicycle trips and other modes like walking and public transport. Promoting and enabling active mobility must be a cornerstone of global, national and local strategies to meet net-zero carbon targets.

Worldwide, transportation is responsible for 24% of direct CO₂ emissions from fuel combustion. Road vehicles account for nearly three quarters of transport CO₂ emissions, and these numbers are not decreasing. Aside from the unsustainable levels of CO₂ emissions that are ruining Earth's climate, road vehicles are polluting our air at unprecedented levels, killing an estimated seven million people worldwide every year.

The Intergovernmental Panel on Climate Change (IPCC) "Global Warming of 1.5 °C" special report has identified cycling as a pathway to ensuring a safe and sustainable world for everyone, both now and in the future. Bicycle use produces zero emissions and cycling delivers far-reaching positive socioeconomic impacts in addition to reduced pollution.

Cycling represents one of humanity's greatest hopes for a shift towards a zero-carbon future. New research shows that life-cycle CO₂ emissions drop by 14% per additional cycling trip and by 62% for each avoided car trip. Switching from a car to a bicycle saves 150g of CO₂ per kilometre. E-cargo bikes cut carbon emissions by 90% compared with diesel vans. Swapping the car in cities for walking and cycling even just one day a week can reduce your carbon footprint by about half a tonne of CO₂ over a year. Building synergies with other travel modes such as public transport can critically enhance this potential.

Our world is on fire. We must urgently leverage the solutions that cycling offers by radically scaling up its use. What we need now is for governments to politically and financially commit to more, safer and integrated cycling that is equitable for everyone living in our countries, cities and regions. (...) There is no conceivable way for governments to reduce CO₂ emissions quickly enough to avoid the worst of the climate crisis without significantly more cycling. Cycling is one of the best solutions we already have to ensure our planet is habitable for all generations to come.



"Das Fahrrad ist das zivilisierteste Fortbewegungsmittel, das wir kennen. Andere Transportarten gebären sich täglich alpträumerhafter. Nur das Fahrrad bewahrt sein reines Herz."

Iris Murdoch



Photos : © Tristan Schmurr

VENNBAHN



Faszinierende Landschaften, Grenzlandflair, Vennbahn Geschichten

Durch den nördlichen Teil des Éislek schlängelt sich die mehrfach international prämierte Vennbahn. Von Troisvierges aus, einmal quer durch Ostbelgien bis nach Aachen in Deutschland, erwarten Dich auf 125 km eine einzigartige Natur- und Kulturlandschaft. Der Radweg, mit insgesamt 6 Etappen, durchquert das einmalige Hochmoor Hohes Venn. Los geht's!

www.vennbahn.eu
www.visit-eislek.lu



Ardennes

Dikrich

mëllerdall

miselerland

Rent a Bike Ardennes

www.touristinfowiltz.lu

(+352) 95 74 44

Rent a Bike Dikrich

www.rentabike.lu

(+352) 26 80 33 76

Rent a Bike Miselerland

www.rentabike-miselerland.lu

(+352) 621 21 78 08

Rent a Bike Mëllerdall

www.rentabike-mellerdall.lu

(+352) 621 473 441

A vélo, découvrez les régions du Luxembourg de manière conviviale!

Pratique, familial, économique, écologique, Rent a Bike est un service de location de bicyclettes pour les petits et les grands.

Mit dem Fahrrad die Regionen Luxemburgs bequem entdecken!

Praktisch, einfach, günstig und umweltschonend ist Rent a Bike ein Fahrradmietservice für Jung und Alt.



Bilan vun europäesche Verkéiersaffer am Joer 2019

Mëtt November huet den European Transport Safety Council eng europawäit Datenanalyse publizéiert an där si d'Verkéiersaffer aus dem Joer 2019 analyséieren.

Hei ass kloer ersiichtlech wéi vill Verkéiersdoudeg op den Auto zeréck ze féiere sinn, an et gëtt och schonn eng Rei Studien, déi beleeën datt Zesummestéiss mat Foussgänger an Cyclisten an der Majoritéit dem Autofuerer seng Schold sinn. Dëst weist wéi wichteg et wär net nëmmen

d'Prevalenz an d'Vitesse vum Auto zukünfteg ze reduzéieren an d'Infrastruktur fir déi vulnerabel Notzergruppe méi sécher ze maachen, mee och vu Säiten vun den Autoskonstrukteure baulech dofir ze suergen datt den Auto bei enger Kollisioun manner Schued kann verursaachen (z.B. <https://www.lisacar.eu/>) an an zukünftege Sensibiliséierungs-Campagnen de Fanger wierklech an d'Wonn ze leeë statt ëmmer nees just de „géigesäitege Respekt“ ze betounen an domat eng Matschold vum net motoriséierte Verkéier ze suggeréieren.



Un nouveau plan d'action cycliste en Belgique

En septembre, le premier plan d'action cycliste du gouvernement fédéral belge, intitulé « BE CYCLIST », a été lancé.

En total, 52 mesures sont prévues dans le plan. Tandis que l'élaboration des infrastructures cyclistes retombe aux gouvernements régionaux ainsi qu'aux communes belges, les propositions fédérales ci-contre prévoient la mise en place de mesures

cadres visant à rendre le vélo plus attrayant aux gens. Parmi celles-ci on retrouve par exemple des mesures pour combattre le vol de cycles, des meilleurs environnements fiscaux pour encourager l'utilisation du vélo au quotidien (p.ex. réduction d'impôts de 24 cents par km pour les employés commutant à vélo) ainsi que l'amélioration des situations pour cyclistes désirant d'utiliser le train.

Mobilitätsplang fir muer - Gedanken zum Fragebogen

Bis zum 15. November konnten die Einwohner der Stadt Luxemburg aber auch die aus der Umgebung den Fragebogen zum persönlichen Mobilitätsverhalten ausfüllen. Ziel des Fragebogens soll es sein, Strukturen in der Mobilität zu erkennen und aus den Resultaten der Umfrage neue Mobilitätsziele zu definieren und einen Mobilitätsplan für die nächsten Jahre zu erstellen.

Dieser Fragenkatalog ist in unseren Augen jedoch leider der falsche Ansatz, um eine Basis für die Ausarbeitung des "Mobilitätsplang fir muer" zu schaffen, welcher das Verkehrsproblem in der Stadt Luxemburg lösen soll. Vielmehr wäre es wichtig von vornherein eine Vision zu haben, welche man versucht in den nächsten Jahren in die Realität umzusetzen. Ganz konkrete Ziele mit Zahlen sollten definiert werden, die man versucht in den nächsten Jahren zu erreichen. Mit diesem Fragebogen wird in erster Linie nur eine Bestandsaufnahme der aktuellen Verkehrssituation in der Stadt Luxemburg erzielt. Vielmehr wäre es jedoch wichtig gewesen die Gründe für die Entscheidung des jeweiligen Verkehrsmittels zu erforschen und herauszufinden wieso die Leute genau dieses Verkehrsmittel nutzen (Beim PKW werden die Gründe abgefragt). Zudem fehlen uns die "Was wäre wenn"-Fragen. Was müsste passieren, dass Sie öfters auf das Fahrrad oder den öffentlichen Verkehr als Alternative zum Auto in der Stadt Luxemburg zurück greifen? Fakt ist dass immer noch zu viele kurze Strecken mit dem privaten Auto zurück gelegt werden.

Gespannt darf man sein, wie die Resultate der Umfrage bewertet werden und welche Beschlüsse daraus getroffen werden. In unseren Augen sollte es mittlerweile jedem klar sein, dass die Lösung für das Verkehrsproblem in der Stad Luxemburg

nicht der Ausbau der Infrastruktur für den motorisierten Verkehr sein kann. Die Verantwortlichen der Stadt Luxemburg sollten sich eine größere Nutzung der sanften Mobilität durch ihre eigenen Bürger zum Ziel setzen. Das Fahrradwegenetz muss dafür ausgebaut werden und die bereits vorhandenen Fahrradinfrastrukturen abgesichert werden. Fussgänger müssen geschützt werden indem Fussgängerbereiche und Übergänge abgesichert werden.

Wir erhoffen uns, dass das Beratungsbüro, in diesem Projekt seine Rolle als Berater und Experte im Bereich der Verkehrsplanung einnehmen wird und die Verantwortlichen der Stad Luxemburg mit konkreten Anweisungen zu einem Umdenken in der Verkehrspolitik bewegen kann. Allgemein wünschen wir uns als ProVelo, dass die Politik sich endlich von dem Idealbild der autogerechten Stadt löst und sich mit mehr Mut für den nachhaltigen Verkehr einsetzt.

Man darf gespannt sein inwiefern die Bürger der Stadt Luxemburg in den nächsten Monaten in dieses scheinbar partizipative Projekt mit einbezogen werden. In der Auftaktveranstaltung vom 13. Oktober wurde man nämlich das Gefühl nicht los, dass dieses Konzept alles andere als partizipativ sein wird. Die recht kritischen Aussagen und Fragen aus dem Publikum wurden von den Verantwortlichen oft nur kurz und knapp und ohne wirkliche Aussage beantwortet. Bleibt zu hoffen, dass dieser Mobilitätsplan nicht nur zur Ruhigstellung der immer größer werdenden kritischen Masse, welche ein neues Mobilitätsparadigma fordert, erstellt wird. Wir als ProVelo setzen uns auf jeden Fall im Mobilitätsbeirat für diese Gedanken ein.

Jo Klein

Place au vélo!

Le vélo est un moyen de transport flexible, bon marché et durable et constitue donc une réponse moderne aux problèmes de trafic, à la pollution de l'air et aux nuisances sonores. Une mobilité intelligente à laquelle on prend plaisir!

Depuis 1985, ProVelo défend les intérêts des cyclistes et a pour objectif l'amélioration des conditions de sécurité et la promotion du vélo comme moyen de transport, ainsi que la promotion du cyclisme de loisirs. Nous nous engageons pour une cohabitation respectueuse de tous les usagers de la route.

Afin de donner le poids nécessaire à nos revendications, nous avons besoin de votre soutien, que ce soit en tant que membre, par vos cotisations ou par des dons!

Merci pour votre participation.

Platz für das Fahrrad!

Das Fahrrad ist ein flexibles, preiswertes und nachhaltiges Transportmittel und bietet somit eine zukunftsorientierte Alternative zu Verkehrschaos, Luftverschmutzung und Lärmbelästigung. Intelligente Mobilität, die dazu noch Spaß macht!

Seit 1985 vertritt ProVelo die Interessen der Radfahrer mit dem Ziel, die Sicherheit im täglichen Straßenverkehr zu verbessern und somit das Fahrrad als Transportmittel sowie als Freizeitgestaltung zu fördern. Wir engagieren uns für ein gleichberechtigtes und rücksichtsvolles Miteinander aller Verkehrsteilnehmer.

Um unseren Forderungen das nötige Gewicht zu verleihen brauchen wir Ihre Unterstützung, ob als Mitglied, über Beiträge oder Spenden!

Herzlichen Dank, dass Sie dabei sind.

Souhaitez-vous recevoir notre courrier par voie électronique? Alors envoyez-nous votre nom et votre adresse e-mail (info@provelo.lu).

Möchten Sie unsere Post lieber als E-Mail empfangen? Dann schicken Sie uns Ihren Namen und Ihre E-Mail-Adresse (info@provelo.lu).

Impressum

Heft Nr. 122	4/2021 - Dezember 2021
Auflage:	1000 Exemplare
Herausgeber:	ProVelo a.s.b.l., 6 rue Vauban, L-2663 Luxembourg
Telefon/Fax:	(+352) 43 90 30 29 / (+352) 20 40 30 29
Internet:	www.provelo.lu www.facebook.com/ProVelo.lu
E-Mail:	info@provelo.lu
Konto:	CCPLLULL IBAN LU40 1111 0825 6417 0000 BCEELULL IBAN LU52 0019 2555 9405 9000
Fotos:	ProVelo.lu Archiv, Klein Jo, Meyer Yves, Monique Goldschmit, Herkrath Philippe, Tristan Schmurr, "ZUG"
Druck:	Printing Ossa, recycliertes Papier



ProVelo.lu
est membre
de la



EXPLOREZ LE LUXEMBOURG AVEC LES CFL

Profitez
des forfaits
attrayants de

CFL evasion

Plus d'informations:
www.cflevaison.lu
ou

 **+352 4990 4845**



VISIT
LUXEMBOURG

www.cfl.lu

75
1946-2021

CFL



Velocenter Goedert *un service complet*

hinsfeld



- Révision & montage à la carte
- Personnalisation de vélos
- Réparation professionnelle

shop

atelier

Hollerich Tél. 48 87 66-217

www.velocentergoedert.lu



velocenter
goedert
love your bike